Projet de Charte

de la communauté scolaire du Lycée Robert-Schuman, Luxembourg

l

Dës Schoulcharta betrëfft all eenzelne Member vun der Schoulgemeinschaft: ob Schüler, Professer, Direktioun, Elteren oder Mataarbechter (z.B. den SPOS). All dës Leit mussen sech an der Schoul wuelfille kënnen. Eis Charta soll duerzou bäidroen, datt dës Schoulgemeinschaft fonktionnéiert an zesummewiist.

D'Schoulgemeinschaft vum Lycée Robert-Schuman huet als Aufgab Jugendlecher ze erzéien, ze ënnerriichten an ze beroden. Si erzitt d'Schüler zu mündegen, verantwortlechen a kritesche Bierger. Si respektéiert jidderengem séng Kultur a bréngt doriwwer eräus déi lëtzebuergesch an europäesch Wärter no. Duerfir verpflicht sech de Lycée Wëssen an Wäerter ze vermëttelen, déi de Jugendlechen et erlaaben an hirem spéidere Liewen hir Rechter a Pflichten z'assüméieren. Deelhuelen un dëser Schoulgemeinschaft heescht fir jiddereen, datt en dëser Charta zoustëmmt, hir Wäerter respektéiert a sech fir hir Ziler asetzt.

Eis Wäerter an Ziler

1. Ech sinn tolerant, respektvoll a rücksichtsvoll an diskriminéieren nët, egal wéi en Ursprong a Geschlecht e Mënsch huet, egal wéi säi kulturellen, ethneschen, reliesen oder familiären Hannergrond ass.

2. Ech schwätzen an diskutéiere matt, stelle méng Meenung och a Fro, stëmme mat of an akzeptéieren eng Décisioun, déi geholl ginn ass. Ech si bereet Verantwortung ze iwwerhuelen.

3. Ech sinn hëllefsbereet an droe mäint zur Konfliktbewältegung bäi. Ech si bereet Kompromësser anzegoen a matzedroen.

4. Ech verzichten op all kierperlech a psychesch Gewalt.

5. Ech gi mäi Bescht an alle Beräicher. Ech schafen eng Atmosphär fir roueg a konzentréiert ze léieren.

6. Ech schützen a respektéieren d'Schoul an d'Ëmwelt.

Engagement

D'Membere vun der Direktioun engagéiere sech

- *d'Wäerter an d'Ziler, dei hei vir opgezielt sinn, ze respektéieren an ze hëllefen datt jiddereen sech an der Schoul wuelfillt*
- *datt d'Schüler déi néideg Mëttelen hunn, fir déi festgesaten Ziler ze erreechen*
- *opzepassen datt d'Reegelen an d'Prozedure vun der Schoul agehale ginn*
- *den Dialog ze förderen*
- *d'Projekter vun der Schoul ze ennerstëtzen*
- *sech mat deenen anere Schoulpartner ze beroden*

D'Mataarbechter vum SPOS engagéiere sech

- *d'Wäerter an d'Ziler, déi hai ir opgezielt sinn, ze respektéieren an ze hëllefen, datt jiddereen sech an der Schoul wuelfillt*
- *ëng psychologesch an pädagogesch Hëllef an Begleedung unzebidden, déi doranner besteet, opmierksam nozelauscheren an fachlech Rotschléi matzeginn.*
- *eng individuell Ennerstëtzong unzebidden , fir dat physescht, psychescht an sozialt Wuelbefanne vun den Schüler ze förderen*
- *iwwert schiedlech Substanzen a d'Risikoverhaalen ze informéieren an ze sensibiliséiren.*
- *de Schüler bei hierer schoulescher and beruflescher Orienteierung zuer Sait ze stoen*

D'Enseignanten engageiere sech

- *d'Wäerter an d'Ziler, déi hei vir opgezielt sinn, ze respektéieren an ze hëllefen, datt jiddereen sech an der Schoul wuelfillt.*
- *d'Schüler an hiere Bemeiungen ze ënnerstëtzen an deenen ze hëllefen, déi Schwieregkeeten hun.*
- *den Dialog mat de Schüler an hieren Elteren ze féiren.*
- *sech iwwer nei didaktesch a methodesch Approchen ze informéieren.*

D'Schüler engagéiere sech

- *d'Wäerter an d'Ziler, déi hei vir opgezielt sinn, ze respektéieren an ze hëllefen, datt jiddereen sech an der Schoul wuelfillt*
- *d'Verhalensreegelen, déi mam(t)(der)Régent(e) am „code de vie" festgehale sinn, ze respektéieren*
- *motivéiert ze sinn an aktiv um Schoulliewen deelzehuelen*
- *sech géigesäiteg ze hellefen a konkreet Verantwortung ze iwwerhuelen.*

D'Elteren engagéiere sech

- *d'Wäerter an d'Ziler, déi hei vir opgezielt snin, ze respektéieren an ze hëllefen, datt jiddereen sech an der Schoul wuelfillt*
- *d'Haaptverantwortung fir d´Erzéiung vun eise Kanner ze iwwerhuelen an hinnen déi wichteg Grondwärter a Verhalensreegelen am Ëmgang mat deenen aneren ze vermëttelen*
- *d'Aarbecht an d´Meenungen vun der Direktioun, de Professeren, an de Schüler ze respektéieren*
- *an deene verschiddene Greemie konstruktiv matzeschaffen a sech ëm een oppenen Dialog mat alle Betraffenen ze beméien.*
- *bei Problémer fir d´éischt d´Gespréich mat alle Parteien ze sichen.*

Den Inhalt vun dëser Charta gëtt périodesch iwwerpréift an adaptéiert.